RAPPORT GENERALVERSAMMLUNG 2009

KML huet seng alljähreg Generalversammlung Freides, den 20. Februar 2009 zu Koler an der aler Schoul ofgehalen.

De Comité war baal komplett vertrueden: 6/7

Eng Retsch vun aalen souwei neien Memberen waren uwiesend.

Den Vertrieder vun der Gemeng Garnech huet sech aus gesondheetlechen Grenn exkuseieren geloss.

No der Begreissung huet de President Marc Barnig sain Reckbleck 2008 virgedroen. Folgendes bleift ervirzehiewen:

2008 huet KML 2 Filmproduktion ofgeschloss(Dreamcell & Street Art in Brussels).
2008 huet KML 8 DVDen erausbruecht.
2008 hat KML 4 Membersversammlungen aberuff a 12 Comitésversammlungen.

D'Keessière Carole Weis huet duerno een detailléierte Keessebericht vun 2008 virgedroen:

Mir haten 2008 relativ vill Ausgaben an hun dofier eng kleng Perte geigeniwer zum leschten Joer gemach. Dest ass op 10 Joer KML Feier an op neit Material zereckzefeieren.

De Site www.kml.lu haat 2008 öfters Problemer. Dest war op den Provider zereckze feieren. Mir hun dofier seit enn des Joers een neien Provider den bis lo perfekt funktionneiert.

Ausbléck op d'Joer 2009:

3 nei Projeten sin fir 2009 virgesin.

- een neien Longmétrage ass vum Mich Clemen virgestallt gin. D'Idee hannert dem Film souwei Rollen dei nach opstin sin kuerz vum Mich erläutert gin. Eng Film-Versammlung mat mei Détailer wärt demnächst ustoen. Wien interesseiert as der technescher Crew oder der Schauspiller-Equipe beizetrieden ass herzlech wellkomm.

- een eventuell neien Videoclip fir Museksgrupp Klappstull

- een eventuellen neien Kuerzfilm vum Marc Barnig

Nierft den Filmprojeten plangt KML 2 weider Soiréeen: eng Suite vun der Filmakers Night souwei eng Quantum Of Solace Revival Night wou desen Klassiker endlech op DVD virgestallt get.

Een Trip op Berlin ass fir Mee 2009 geplangt.

Den Comité behällt seng 7 Leit. Den Alain get ab Zukungt per SMS informeiert fir dass hien keng Comités versammlung mei verpasst.

Du war den offiziellen Deel vun der Generalversammlung eriwwer an et stoung Fräi Aussprooch um Programm. Dei nei KML-Memberskaart fir d'Joer 2009 zum Präiss vu 5 EUR ass verkaaft gin.